

Bäitrittformulaire – MEMBER GINN

A:LL Schrëftsteller*innen asbl

Heimat froen ech,

Virnumm _____

Nonumm _____

Nationalitéit _____

Telefon _____

Mail _____

Adress _____

un, fir der Associatioun A:LL Schrëftsteller*innen bäizetrieden als Membre:

actif*: 20€.

**Membre actif ka ginn: jiddwer Persoun, déi eng reegelméisseg an effektiv schrëftstelleresch Aktivitéit huet an een nennenswäerte professionnelle Parcours respektiv ee schrëftstelleresche Parcours, dee sech an der Entwécklung befënnt, virweise kann. D'Qualitéit vum Membre actif gëtt duerch de Conseil d'administration verginn. De Conseil d'administration ka Bäitrittsdemanen acceptéieren oder refuséieren an ass net obligéiert, seng Entscheedung ze motivéieren.*

Zéckt net eis Är perséinlech Motivatiounen an/oder Informatiounen, déi Iech pertinent erschéngen, matzedeelen.

donateur: _____ €

D'Memberschaft ass järelech a leeft vum Bäitrittsmount bis den 31. Dezember vum Kalennerjoer.

Heimat engagéieren ech mech, d'Statutte vun der Associatioun souwéi de Règlement d'ordre interne ze respektéieren. Ech acceptéieren, datt meng perséinlech Donnéeën, déi ech der Associatioun matdeelen, genotzt kënne gi fir: administrativ a Comptabel-Zwecker (Affiliatioun, Cotisatioun, intern Mails), fir d'Zouschécke vun Dokumentatiounen, déi d'Aktivitéite vun der Associatioun betreffen, fir d'Kommunikatioun mat Drëtten, sou laang dës Kommunikatioun fir d'Associatioun néideg oder hëllefräich ass, fir de legalen Obligatiounen z'entsprieche, fir d'Aktivitéite vun der Associatioun ze promovéieren (ë. a. am Kader vun der Internetsäit) a fir all aner legitim Interessie par rapport zum Gesetz ze realiséieren.

Ech erkennen un, iwwer d'Recht informéiert ginn ze sinn, d'Donnéen z'accéderen, déi mech betreffen, andeems ech d'Sekretariat vun der Associatioun uschreiwen. Dat Nämmlecht gëllt fir d'Recht op Rektifikatioun. All Changement vu mengen Donnéeë muss der Associatioun esou séier wéi méiglech matgedeelt ginn.

Ausgefëllt zu _____, den _____

_____ (Ënnerschrëft)

Objet vun der Associatioun A:LL Schrëftsteller*innen nom 2. Artikel vun de Statuten

D'Associatioun huet zum Objet, d'Schrëftsteller ze gruppéieren an ze representéieren, déi zu Lëtzebuerg eng regelméisseg Aktivitéit hunn an een nennenswäerte professionnelle Parcours respektiv ee schrëftstelleresche Parcours, dee sech an der Entwécklung befënnt, virweise kënnen.

An deem Sënn ass d'Associatioun eng Plattform fir d'Memberen, fir sech ze treffen an auszetauschen. Si schafft un der Protektioun an der Verbesserung vum Statut an den Aarbechtsbedéngunge vun de Schrëftsteller genee wéi un der Verdeedegung vun hire soziale Rechter, hire materiellen, juristeschen a moraleschen Interessien a bezitt Positioun zu aktuelle Sujeten, déi d'schrëftstelleresch Aarbecht, d'literaresch Iwwersetzung an de Bichersecteur am Allgemenge betreffen.

Fir hirer Missioun nozekommen hëlt sech d'Associatioun vir, mat privaten an/oder öffentlechen, nationalen, europäeschen an/oder internationalen Institutiounen zesummeschaffen, déi änlech Objektivier hunn.

D'Associatioun an hir Memberen engagéieren sech, humanistesche Wäerter ze promovéieren an ze respektéieren.

D'Associatioun ka Konditiounen a Manifestatiounen kreéieren, fir d'Schreiwen an d'Literatur ze promovéieren; si kann Evenementer organiséieren, déi hiren Objektivier entsprechen, an Aktiounen ënnerhuelen, fir déi néideg Moyennen ze versammele fir den Exercice vun hiren Aktivitéiten ze garantéieren; si ka sech am Kader vun hiren Aktivitéiten mat éierenamtlechen a bezuelte Kollaborateuren, aneren Associatiounen a privaten an/oder öffentlechen Organer zesummendoen.

Är ausgefëllten an ënnerschriwwe Bäitrittsdemande kënn Dir schécken op:

info@a-ll.lu oder via Post op:

A:LL Schrëftsteller*innen asbl,
1, rue de Laroche,
L-1918 Luxembourg